



Dépôt: CLEMENT Sven

Gesetzesprojekt 7352

Lëtzebuerg, den 02/04/2020




Motiuon

D'Deputéiertechamber stellt fest:

- De Marrakesch-Traité an d'EU-Direktive 2017/1564 gesinn eng Harmoniséierung vu veschieden Aspekter vun Droit d'Auteur vir an dat zu Gonschte vu Persounen, déi en visuellen Defizit hunn;
- De Gesetzesprojekt 7352 leet fest, dass Entreprise Publicitéit fir dëse Service maache sollen. Dëst ass bis ewell déi eenzeg Méiglechkeet, déi d'Bierger hunn, fir ze wëssen, dass d'Entreprise engersäits berechtigt sinn des Wierker un de Beneficiaire weider ze ginn an dass se iwwerhaupt am Besëtz vu Wierker am spezielle Format sinn;
- De Gesetzesprojekt 7352 ernimmt net, wéi d'Bierger Kenntnis vun de geneemegten Entreprise oder den disponibele Wierker am spezielle Format sollen hunn;
- Ugesiichts vun de viregen Constaten, wär et sënnvoll een Zentralregëster ze hunn, wou d'Informatiounen iwwert all berechtigt Entreprises an och d'Wierker, déi se op Stock hunn, oplëscht, fir de Bierger d'Méiglechkeet ze ginn sech selwer ze renseignéieren, wou se u Wierker am accessibele Format kommen, esou wéi dat zum Beispill an der Schwäiz de Fall ass;

Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:

1. een zentraliséiert Regëster opzestellen, wou d'Informatiounen iwwert all berechtigt Entreprises an och d'Wierker, déi op Stock sinn, oplëscht, fir de Bierger de Accès op des Donnéeën ze vereinfachen.


Sven CLEMENT

